ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

**N° 4291**
Reçue le 17.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3878 schreift d'Madamm Ëmweltminister vun enger theoretescher Méiglechkeet, direkt deelweis eng Approbatioun partielle fir e PAG ze ginn, mee datt si awer weiderhin d'Praxis vum zousätzleche Vote privilegéiert.

Duerfir géif ech der Madamm Ëmweltminister nach gär des Nofroe stellen:

1) Firwat ass dat just eng theoretesch Méiglechkeet obwuel d'Cour Administrative dës Praxis approuvéiert an begréisst huet? Et gëtt eises Wëssen no d'Praxis vun der Approbatioun partielle schonns op mannst zënter dem August 2019 (PAG vun der Gemeng Beefort). An deem vun der Madamm Minister zitéierten Urteel 44684C steet iwwregens, datt d'Praxis vun der Approbatioun partielle an der Zwëschenzäit d'Reegel gouf an och vun der Juridiction Administrative begréisst gouf: "*Les parties publiques n'ont pas livré de manière directe les raisons profondes pour lesquelles les autorités communales n'ont plus retenu en 2017, contrairement à 2011, le terrain querellé à l'intérieur du périmètre d'agglomération, si ce n'est celle que la commune semble avancer que la peur devant un refus d'approbation global de la part du ministre de l'Environnement aurait guidé à l'époque, en 2017, sa conception de l'envergure du périmètre d'agglomération, notamment au niveau du chef-lieu de la commune. Si cet argument devait avoir sous-tendu l'optique communale et quelle qu'en soit par ailleurs la valeur urbanistique, les parties s'accordent aujourd'hui à reconnaître que le ministre a changé de vision et qu'en cours de procédure d'adoption et d'approbation du PAG, la donne a changé de ce point de vue-là en ce que dorénavant les refus d`approbations partiels de la part du ministre en question sont devenus la règle.*"
2) Firwat gouf 6 Méint duerno beim PAG vun enger Gemeng (Schieren) dem Gemengerot am Februar 2020 vun der Ministesch geschriwwen si kéint keng Approbatioun partielle ginn? Ech zitéieren: *"Le maintien de la modification projetée du PAG soumis pour approbation aurait comme conséquence un refus de toutes les modifications de la délimitation de la zone verte envisagées par le PAG alors que mes compétences en la matière se limitent*

*à une approbation pure et simple du projet de PAG soumis au vote du conseil communal."*

3) Gesäit d'Madamm Minister hei net ee Widdersproch tësscht hirem Bréif ënner Punkt 2 an der Decisioun ënner Punkt 1?
4) Wär et nët fir all Parteien (MECDD, Intérieur, Gemeng an Bierger) méi einfach ee Refus partiel ze maachen, wou déi betraffe Gemeng, wann se dat well, virun der Cour Administrative dann ee Recours en Annulatioun kéint maachen? D'Beispill vun der Gemeng Beefort beweist, datt déi ganz Recours-Prozedur nëmme 6 Méint gebraucht huet, an datt d'Cour Administrative no enger Visite op der Plaz der Gemeng deelweis recht ginn huet.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 22 juin 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4291 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4291 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4291 vum 17. Mee 2021 vum éirewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert d'partiell Approbatioun vu PAGen**

***1. Firwaat ass dat[1] just eng theoretesch Méiglechkeet obwuel d'Cour administrative dës Praxis approuvéiert an begréisst huet? Et gëtt eises Wëssen no an der Praxis vun der Approbatioun partielle schonns op mannst zënter dem August 2019 (PAG vun der Gemeng Beefort). An deem vun der Madamm Minister zitéierten Uerteel 44684C steet iwwregens, datt d'Praxis vun der Approbatioun partielle an der Zwëschenzaït d'Reegel gouf an och vun der Juridiction Administratie begréisst gouf: „Les parties publiques n'ont pas livré de manière directe les raisons profondes pour lesquelles les autorités communales n'ont plus retenu en 2017, contrairement à 2011, le terrain querellé à l'intérieur du périmètre d'agglomération, si ce n'est celle que la commune semble avancer que la peur devant un refus d'approbation global de la part du ministre de l'Environnement aurait guidé à l'époque, en 2017, sa conception de l'envergure du périmètre d'agglomération, notamment au niveau du chef-lieu de la commune. Si cet argument devait avoir sous-tendu l'optique communale et quelle qu'en soit par ailleurs la valeur urbanistique, les parties s'accordent aujourd'hui à reconnaître que le ministre a changé de vision et qu'en cours de procédure d'adoption et d'appobation du PAG, la donne a changé de ce point de vue-là en ce que dorénavant les refus d'approbation partiels de la part du ministre en question sont devenus la règle ».***

Dat vum éierwäerten Députéierten zitéiert Uerteel 44684C betrëfft keng Decisioun vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung (MECDD), mee Decisioune vum Inneminister an enger Gemeng. De MECDD war net Partie an dëser Affär.

Wéi aus dem Uerteel 44684C an dem Zitat hei driwwer ervir geet, gëtt sech hei op eng Situatioun tëscht Gemeng a Ministère am Joer 2017 bezunn, also an enger Zäit wou et keng Jurisprudenz gouf déi eng partiell Approbatioun akzeptéiert hätt. De PAG em deen et an dësem Uerteel gung, ass den 29. Mäerz 2018 vu mir approuvéiert ginn. Ech verweisen zum Stand vun der Jurisprudenz zu där Zäit op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3878 vum Abrëll vun dësem Joer.

D'Uerteel 44684C ass jo och réischt den 21. Januar 2021 geholl ginn, an wann d'Cour administrative schreift dass "les refus d'approbation partiels de la part du ministre en question sont devenus la règle", kann sech dat no mengem Verständnis vum MECDD just op ee Fall bezéien an zwar d'Uerteel am Fall 43708C vum 26. Mäerz 2020. Dëst ass een eenzelne spezifische Fall gewiecht an net d'Reegel.

D'partiell Approbatioun ass haut no de rezenten Uerteeler eng Méiglechkeet déi och an Zukunft kann agesat ginn, mee wor et net 2017/2018. (cf. Äntwert n°4 op d'parlamentaresch Fro 3878 vum Abrëll vun dësem Joer)

***2. Firwat gouf 6 Méint duerno beim PAG vun enger Gemeng (Schieren) dem Gemengerot am Februar 2020 vun der Ministesch geschriwwen si kéint keng Approbation partielle ginn? Ech zitéieren „Le maintien de la modification projetée du PAG soumis pour approbation aurait comme conséquence un refus de toutes les modifications de la délimitation de la zone verte envisagées par le PAG alors que mes compétences en la matière se limitent à une approbation pure et simple du projet de PAG soumis au vote du conseil communal ».***

[1] D'approbation partielle

De Fall an der Gemeng Schieren ass net vergläichbar mat dem Fall am Uerteel 43708C wou et ëm Fläch goung déi d'Gemeng wollt selwer fir hier eege Besoinen entwéckelen. En absence zu deem Zäitpunkt vun enger méi genereller Jurisprudenz zu der partieller Approbatioun ass am Fall Schieren, an Ofsprooch mat dem Inneministère – dee jo och nët Partie war am Fall 43708C wou just eng Decisioun vum MECDD viséiert war – déi bestoend Praxis beibehal ginn. Dozou gouf et och een Austosch am Virfeld mat de Gemengenresponsabelen.

***3. Gesäit d'Madamm Ministesch hei net ee Widdersproch tëscht hirem Bréif ënner Punkt 2 an der Décisioun ënnert Punkt 1?***

Nee.

***4. Wär ët nët fir all Parteien (MECDD, Intérieur, Gemengen an Bierger) méi einfach ee Refus partiel ze maachen, wou déi betraffe Gemeng, wann se dat well virun der Cour administrative dann ee Recours en Annulatioun kéint maachen ? D'Beispill vun der Gemeng Beefort beweist, datt déi ganz Recours-Prozedur nëmme 6 Méint gebraucht huet, an daat d'Cour administrative no enger Visite op der Platz der Gemeng deelweis Recht ginn huet.***

Et kann een d'Beispill vum Uerteel 43708C nët verallgemengeren wat d'Recours-Prozedur ugeet. Dee „séieren" Wee, deen den éierewäerten Deputéierten erwänt, betrëfft de Fall wou d'Gemeng selwer e Recours areecht, well d'Gemeng direkt kann d'Cour administrative saiséieren. Am Fall wou eng Drëttpersoun, zum Beispill de Proprietär vun engem Terrain, géif Recours maachen, géif dee fir d'éischt bei den Tribunal administratif goen, mat den Appel-Méiglechkeeten fir all Partei dann bei der Cour administrative.

Wéi schons gesot ass de partielle Refus elo sécherlech eng nei Optioun fir partiell mat eventuelle Konflikter an engem PAG ëmzegoen.

Dës Optioun huet awer och Nodeeler. Zum Beispill ginn et beim partielle Refus keng Méiglechkeeten Elementer am PAG unzepassen déi ee Refus kéinte verhënneren. Dëst kann just d'Gemeng maachen wann se d'Méiglechkeet kritt hire Vote unzepassen.